LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Äntwert vum Wunnengsbauminister op déi parlamentaresch Fro n°5817 vum 22. Februar 2022 vum Här Deputéierte Max Hahn betreffend der « subvention de loyer ».

1. ***Wéi vill Haiser a wéi vill Appartementer sinn aktuell zu Lëtzebuerg verlount? Wéi hunn dës Chifferen iwwer déi lescht fënnef Joer evoluéiert?***

Laut Schätzunge vun Eurostat op Grond vun der Enquête EU-SILC (2020) gehéieren ongeféier 24,5% vun den Awunner engem Stot un dee seng Wunneng op dem private Marché lount. Heibäi sinn allerdéngs déi Stéit net mat abegraff, déi hir Wunneng zu engem Präis lounen, deen ënnert dem Präis vum Marché ass (Locataire vu soziale Wunnengen, Stéit déi duerch Famill oder Frënn ënnerbruecht sinn, oder Stéit déi duerch hiren Employeur ënnerbruecht sinn etc.). 2020 waren also ongeféier 60 000 Haushalter Locatairen um private Marché.

Den Taux vun de Leit, déi zu engem Stot gehéieren, dee seng Wunneng um private Marché lount, louch 2010 bei 27,6%. Bis 2015 ass dësen Taux bis ob 21,7% gefall fir dono erëm ob 24,5% ze klammen. Dës Variatioun an de Resultater vun den Enquêtë kann zum Deel och op d'Spezifizitéite vun der Enquête zréck ze féiere sinn.

2. ***Zënter der Aféierung vum Wunngeld, wéi vill Stéit hu pro Joer zu Lëtzebuerg eng Wunneng gelount? Wéi vill dovu ware pro Joer eligibel fir d'Wunngeld unzefroen a wéi vill dovunner hunn et effektiv ugefrot?***

Bei der Aféierung vun der Mietsubventioun am Joer 2016 gouf, opgrond der Etude PSELL-3/EU-SILC de 2013 (LISER, STATEC), geschätzt, dat 18.600 Stéit eligibel wiere fir dës Hëllef.

Den 1ten Januar 2018 goufen awer d'Parametere vun der Hëllef ugepasst an d'Zuel vun de potentielle Beneficiaire gouf ausgedeent ob ronn 33.000 Stéit. Doduerch ass den Undeel vun de Locataire déi potentiell eligibel si fir d'Mietsubventioun vu ronn 35% ob ronn 65% geklomment.

Duerch d'Upassung, déi am Abrëll 2020 a Kraaft getrueden ass, sinn nach eng Kéier ronn 3.400 Stéit zousätzlech eligibel ginn.

No dëser Reform vun 2020 wieren ongeféier 63% vun de Stéit déi eligibel sinn, am éischte Quintil vum Liewensstandard, 34% am zweete Quintil.

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu

D'Zuel vun de effektive Beneficiairë huet folgendermoossen evoluéiert:

Joer	Zuel vun den neien Ufroën	Zuel vun de Stéit, déi eng Hëllef ausbezuelt kruten	Schätzung vun den eligibele Stéit	%
2016	4.016	1.090	18.600	5,9%
2017	2.034	1.873	18.600	10,1%
2018	3.674	4.433	33.000	13,4%
2019	3.060	5.636	33.000	17,0%
2020	3.712	6.541	33.000	19,8%
2021	3.529	7.146	36.000	19,8%

Mëttlerweil hëlt also ronn 1 vu 5 potentielle Beneficiairen d'Mietsubventioun och tatsächlech an Usproch.

3) Wéi vill Demande si refuséiert ginn? Wat waren déi heefegst Grënn fir e Refus?

Joer	2016	2017	2018	2019	2020	2021
Zuel vu Refusen	1.817	1.572	1.305	697	726	1.236
Ursaachen						
De Betrag vun der Hëllef war < 25 Euros/Mount	0	9	18	26	14	0
D'Akommes gouf net matgedeelt	310	443	522	101	45	91
D'Akommes war ze héich	701	548	395	315	365	497
De Stot krut eng Subvention vum FNS am Kader vum Revis	285	122	93	12	10	15
Den Taux d'effort louch ënnert 25%	521	450	277	241	283	293
Aner Ursaachen				2	9	340

4) Wat sinn dem Här Minister no d'Grënn, firwat sou wéineg Leit d'Wunngeld ufroen?

Den Observatoire de l'Habitat krut vum Ministère den Optrag eng Studie ze maachen fir ze analyséieren a wéi wäit op d'Subventioun vum Loyer zeréckgegraff gëtt, andeems e sech op Fuerschungsaarbechte vum LISER an der Uni Lëtzebuerg baséiert. Dës Studie steet um Aarbechtsprogramm vun 2022 vum Observatoire de l'Habitat.

Et sief dobäi awer schonn dorobber higewisen, datt de Phenomen vum "non-recours" ob Hëllefen déi de Leit eigentlech zoustinn net spezifesch ass fir d'Mietsubventioun oder fir Lëtzebuerg. Esouguer bei der

vill méi héijer Sozialhëllef vum Revenu d'intégration social an der Belsch ginn d'Schätzungen dovunner aus, dat bis zu 60% vun de Leit dës Hëllef net ufroen, obwuel se Urecht dorobber hätten.[1]

Lëtzebuerg, den 31/03/2022.
De Wunnengsbauminister
(s.) Henri Kox

[1] Les Dossiers de la Drees N° 94 • mars 2022, Quantifier le non-recours aux minima sociaux en Europe, Un phénomène d'ampleur qui peine à susciter le débat, par Céline Marc, Mickaël Portela (DREES), Cyrine Hannafi, Rémi Le Gall (ERUDITE, université Paris- Est Créteil ; DREES), Antoine Rode (ODENORE/PACTE, université Grenoble Alpes) et Stéphanie Laguérodie (CES, université Paris 1 Panthéon-Sorbonne)
https://drees.solidarites-sante.gouv.fr/publications-communique-de-presse/les-dossiers-de-la-drees/quantifier-le-non-recours-aux-minima